



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8146 vum 12. Juli 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.

Zënter Dezember 2022 huet eng Delegatioun vu mengem Ministère an der Administration des Transports publics sech dräimol mat de politesche Verrieder vum TICE getraff. D'Verhandlung ware ganz konstruktiv. De Minister selwer huet den 18. Abrëll 2023 den OGBL/Landesverband getraff fir iwwert d'Zukunft vum TICE ze schwätzen. Och dëss Réunioun ass ganz positiv ofgelaf.

D'Regierung an den TICE si sech eens, datt d'Südregioun sech verännert an datt den ëffentlechen Transport dëser Metamorphose Rechnung droe muss.

Fir nëmmen ee Beispill ze ginn: Déi ëmmer méi grouss Mobilitéitsbedürfnisser vun de Grenzpendler, déi am Süden schaffen, erfuerdert d'Creatioun oder d'Verlängerung vun enger Rei vu Buslinien, fir dëse Fluxen eng Alternativ zum Privatauto ze bidden an d'Stied am Süden soumadder ze entlaaschten.

Laut den Analysen vum nationale Mobilitéitsplang 2035 mussen CFL, RGTR, Luxtram an TICE bis 2035 zesummen 70.000 zousätzlech Reesen pro Aarbechtsdag am Süden suergen. D'Organisatioun vum ëffentlechen Transport muss an den nächste Jore wesentlech änneren, fir de Mobilitéitsufuerderunge vun der Zukunft am beschten ze entsprechen. Dat bedeit ee massiven Ausbau vum ëffentlechen Transport an der Südregioun.

Dat erfuerdert awer och ënner anerem eng Weiderentwécklung vum aktuellen Busreseau a virun allem eng nei Verdeelung vun Aufgaben tëscht dem TICE an dem RGTR.

Am Kader vun dëser Reorganisatioun vum Réseau, an deem den TICE zanter den éischte Studien involvéiert ass, hunn ech als Minister ëmmer ënnerstrach, datt keng Aarbechtsplazen am interkommunale Syndikat TICE a Gefor sinn. Dat wier e komplett falscht Bild bei deenen monumentalen Aufgaben, déi am Süden op den ëffentlechen Transport waarden.

Mat dëser Reorganisatioun soll ënnerstrach ginn, datt den TICE an Zukunft eng droend Roll bei der Entwécklung vum Süden spillt.

Den aktuellen Accord huet missen résiliéiert ginn, well en sech op RGTR-Kontrakter bezunn huet, déi elo net méi a Kraaft sinn. Ech hat den TICE schon am November 2022 op d'Noutwennegkeet vun dëser Kënnegung higewissen, duerno hunn d'Diskussiounen ugefaang fir d'Aféierung vun engem neien, verbesserten dräi-Joer Kontrakt ab Januar 2025 z'erméiglechen. Dësen Accord gesäit eng etappeweis Ëmsetzung vum neie Buskonzept vir.

De staatlechen Deel vun der Finanzéierung vum TICE ass bis den 31. Dezember 2024 ënner den aktuelle Konditiounen geséichert. Soubal deen neien TICE-Verwaltungsrot, deen aus den

Gemengewahlen am Juni 2023 erfiergeet konstituéiert ass, kënnen d'Verhandlungen am Híbléck op den neien Accord weidergoen. Duerno bleift et un der neier Regierung, ee Gesetzprojet iwwert d'Finanzbedeelegung virzubereeden, deen eng staatlech Finanzéierung vun sënnvollen Buslinnen am Süden bis 2027 garantéiert.

Et gëtt also kee Grond sech Suergen iwwer TICE Mataarbechter ze maachen. Am Géigendeel, de Süden huet sech zu enger dynamescher Regioun mat enke Verbindunge mam noen Ausland entwéckelt, an den TICE, als interkommunalen Transportsyndikat muss der Regioun hëllefen dës Dynamik och an geuerdent Bannen ze lenken.

Lëtzebuerg, den 20. Juli 2023.

De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch